N°6036
Reçue le 07.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 07.04.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

D'Zukunft vun der Diddelenger Schmelz läit weider am Ongewëssen. Et léisst sech awer mat Sécherheet feststellen, datt dës Situatioun hätt kënne vermidde ginn, wann Arcelor-Mittal net gezwonge gewiescht wier, d'Diddelenger Wierk un de "Group Liberty House" ze verkafen, fir sech am Kader vum Erwerb vun der "Ilva S.P.A." zu den Exigenze vun der EU-Kommissioun ze konforméieren, wéi d'Regierung och selwer an hirer gemeinsamer Äntwert vum 23. Abrëll 2021, op déi parlamentaresch Froen Nummer 4091 a 4121 vun den honorabelen Deputéierte Gusty Graas a Roy Reding schreift an och an der Äntwert vum 10. Juni 2021 op d'parlamentaresch Fro Nummer 4460 (nach eng Kéier vum honorabelen Deputéierte Roy Reding), widderhëlt.

Op d'Fro wéi eng europarechtlech Konsequenzen d'Regierung aus dëser Affär ze zéie gedenkt, notamment am Hibléck op déi zivilrechtlech Responsabilitéit vun der EU-Kommissioun, ass d'Regierung an där genannter Äntwert op d'Fro Nummer 4460 allerdéngs net agaangen. Bei hirer Visitt vum 4. Abrëll huet déi verantwortlech Madamm EU-Kommissar Margrethe Vestager dunn virun der zoustänneger Chamberskommissioun ausgesot, datt eng zivilrechtlech Haftbarkeet vun der EU grondsätzlech besteet.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Gesäit d'Regierung eng Plainte géint d'EU-Kommissioun virum Europäesche Geriichtshaff vir, fir de Fall, datt d'Diddelenger Schmelz muss zougemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 6036
Reçue le 11.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Gemeinsam Äntwert vum Här Wirtschaftsminister, Franz Fayot, a vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n° 6036 vum 7. Abrëll 2022 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser

Esou wéi sech den Dossier ronderëm de Site vu Liberty Steel zu Diddeleng presentéiert, envisagéiert d'Regierung net fir déi europäesch Kommissioun fir dës Situatioun juristesch haftbar ze maachen.

D'Efforte vun der Regierung konzentréieren sech villméi dorop fir an enker Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften déi verschidden Optiounen ze studéiere fir dass, wann néideg, en aneren Acteur den Diddelenger Betrib kéint iwwerhuele fir esou Aarbechtsplazen an eng industriell Aktivitéit op deem Site ze erhalen.

Lëtzebuerg, den 11/05/2022

De Wirtschaftsminister

(s.) Franz Fayot